ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. November 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Premierminister weiderzeleeden.

Mat Intressi hu mir d'Uerteel vum däitsche Verfassungsgeriicht op eng Klo vun Oppositiounsdeputéierte gelies (SZ vum 8. November 2017). Et ass hei drëm gaangen, datt parlamentaresch Froen (an Däitschland heeschen dës „kleine Anfragen") net, ze lues oder ze ongenee beäntwert gi sinn. Dat héchst däitscht Geriicht huet de Kléier Recht ginn, op d'Kontrollfunktioun vum Bundestag als Grondpfeiler vun der Gewaltendeelung higewisen an dorop, datt Kontroll nëmme kann ausgeüübt ginn, wann d'Deputéiert vun der Regierung géingen zerguttst informéiert ginn. Et wär also géint déi däitsch Verfassung, wann d'Regierung eng Äntwert op Deputéiertefroe géing schëlleg bleiwen oder sech hanner Ausriede géing verstoppen. Well och hei zu Lëtzebuerg Froe vun Deputéierte munchmol lues, iwwerflächlech oder onkomplett beäntwert ginn oder sech vu Regierungssäit hanner allgemengen Aussoe verstoppt gëtt, wéilt ech dem Här Staats- a Premierminister gär dës Froe stellen:

1. Ass dem Här Premierminister dëst Uerteel vum Bundesverfassungsgeriicht bekannt?
2. Kann den Här Premierminister déi Ausleeung vum Bundesverfassungsgeriicht deelen, datt d'Informatioun vum Parlament duerch d'Regierung e Grondpilier vun eiser Demokratie ass?
3. Ass dem Här Premierminister bewosst, datt verschidden Äntwerten op parlamentaresch Froe vu Lëtzebuerger Deputéiert Grond zur Onzefriddenheet ginn hunn, an datt Äntwerten als formal oder inhaltlech ongenügend zeréckgewisen an d'Froen nei gestallt gi sinn?
4. Gedenkt den Här Premierminister, senge Ministeren d'Grondreegele vun der Demokratie a vum Respekt vum Parlament an Erënnerung ze ruffen a si ze bieden an Zukunft méi suergfälteg mat de Froe vun Deputéierten ëmzegoen?
5. D'Bundesverfassungsgeriicht hält a sengem Uerteel weider fest, datt d'Regierung och Informatiounen, déi Betriber uginn, un deenen de Staat bedeelegt ass (an dësem Fall

d'Bundesbahn), oder Institutiounen, mat deenen de Staat zesummeschafft, muss weiderginn. Gedenkt den Här Premierminister d'Ministeren iwwer déi Iwwerleeunge vu Karlsruhe ze informéieren, an ze instruéieren, parlamentaresch Froen an deem Sënn ze behandelen?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten